N°3826
Entrée le 23.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Wann eng Wunneng oder een Terrain verkaf gëtt, kënnen d'Gemengen ee Virkafsrecht notzen an dierfen d'Wunneng oder den Terrain dann ofkafen. Dofir muss een ëffentlecht Intressi virleien, wéi zum Beispill de Bau vu Wunnengen oder ëffentlechen Infrastrukturen. D'Gesetz vum 22ten Oktober 2008 iwwert de Pacte Logement gesäit hei d'Prozedur vum Virkafsrecht vir. De Präis, deen d'Gemeng bezuele muss ass normalerweis deen, deen am Aktiv um Notaire tëschent dem Verkeefer an dem originellen Keefer festgehale gouf.

A menger Fro n°3488 hat ech schonn d'Fro opgeworf, wéi et mam Kafpräis vun Terrainen ausgeseit. De Minister huet geäntwert, dass d'Gemengegesetz keng Kritäre festhält an d'Acquisitiounen vun Immobilien ënnert d'Gemengenautonomie falen a se mussen am Allgmenginteressi sinn. Dës Weideren gesäit d'Gemengegesetz vir, dass Acquisitiounen vun Immobilien réischt vun engem Wäert vu 500.000 EUR un ënnert d'Transmission obligatoire falen a vum Inneministère kontrolléiert ginn.

An der Gemeng Dippech gouf een Terrain vun 39 Ar am Joer 2023 fir ongeféier 1,1 Milliounen Euro mam Virkafsrecht ofkaf gouf mam Zil, fir do Sozialwunnengen a Parkplazen ze bauen. No den Informatiounen, déi mir zu Ae komm sinn, ass awer elo virgesinn, datt am Kader vun engem Terrainstausch ronn 3/4 vun dësem Terrain un eng Privatpersoun solle weiderverkaf ginn, am Géigenzuch fir Terrainen an enger anerer. Laut Aussoe vun der Oppositioun am Dippecher Gemengerot gëtt et eng immens Präisdifferenz tëschent dësen Terrainen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dës Transaktioun, déi 2023 realiséiert ginn ass, ënnert d'Transmission obligatoire gefall an ass

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

dem Inneministère dës zoukomm?

2. Muss den Inneministère domadder befaasst ginn, wann d'Gemeng dësen Terrain weiderverkeeft oder net fir Zwecker notzt, déi dem allgemengen Intressi déngen?
3. Wéi eng Krittäre muss d'Gemengeverwaltung respektéieren, wann si den Terrain erëm wëll verkafen, deen se ënnert engem Virkafsrecht ofkaf huet?
4. Dierf d'Gemeng den Terrain, deen ënnert dem Virkafsrecht ofkaf gouf, verkafen an dobäi eng Moins-value realiséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés